# Wéi soll ech mech uleeën, fir den „télé-apprentissage“ ze bewierkstellegen?

Als alleréischt: **keng Panik**. Dat klappt schon! A falls entzwouesch e Problem optaucht, kënnt dir iech gären bei eis op one2one@lcd.lu mellen. Mir sinn do fir ze iech hëllefen!

Mir bidden iech véier verschidden Méiglechkeeten un fir online Cours ze haalen an är Aufgaben un d’Schüler ze verdeelen:

1. Per E-Mail *oder* gedeeltem OneDrive-Fichier
2. Per OneNote (incl. Class Notebook)
3. Per OneNote (incl. Class Notebook) & Teams
4. Per Showbie

## 1. E-Mail oder gedeelten OneDrive-Fichier:

Am einfachste Fall schécken ech mengen Schüler jeweils eng E-Mail mat mengem Cours/ Aufgaben/Arbechtsblieder oder deelen ('sharen') déi per OneDrive-Fichier. Dat kann awer schnell oniwwersiichtlech ginn an ass emständlech éditéierbar.

Dofir ass dës Léisung net déi Bescht, well et eben schnell chaotësch kann ginn. Net fir näischt goufen Apps wéi OneNote oder Showbie entwéckelt.

## 2. OneNote (incl. Class Notebook):

Ech sinn Enseignant op enger normaler Klass an hunn mäin Cours propper an mengem Classeur mat Intercallairen.
Ech installéieren mir **OneNote**, erstellen e **Class Notebook** an setzen meng Schüler dobäi.
Meng Schüler kréien eng automatiséiert Email, déi drop hiweist, dat si an dëst Classnotebook bäigefügt goufen.

Ech bauen mäin Class Notebook elo nom System op, wéi ech meng Intercallairen a mengem normalen Classeur opgebaut hunn.
Ech erstellen eng fiche am Class Notebook mat Cours/Erklärungen/Aufgaben an distribuéieren se mengen Schüler.

Meng Schüler kréien déi fiche innerhalb vun hierem OneNote an kënnen se bearbechten.
Ech gesinn dat wat si gemaach hunn a kann et kommentéieren/verbesseren.

D’**Kommunikatioun** leeft primär iwwert **E-Mail (Outlook)**.

**Video Tutorials:**

Class Notebook ariichten: https://youtu.be/ajXwGZI6_Bw
Generellen OneNote Tutorial: https://youtu.be/JEJZbjcMkeU

## 3. OneNote (incl. Class Notebook) & Teams

Nierft dem OneNote (mam Class Notebook vu menger Klass) installéieren ech mir **Teams**.
Ech verknüpfen déi zwou Apps an kann per Teams méi een intensiven/liewegen Austausch mat mengen Schüler hunn.
Hei kann ech Chatten, Videoen uploaden, Internet-Links posten, etc.

D'**Kommunikatioun** leeft primär iwwert **Teams**.

**Video Tutorial** (Teams)**:**

https://youtu.be/Xkfb7uHWNh4

## 4. Showbie Pro:

Ech erstellen meng Klass am Showbie.
Den Code vun där Klass schécken ech mengen Schüler per Email.
Soubal si de Code kruten an sech op showbie.com een account gemaach hunn, kënnen si de Code do aginn a sinn automatësch a menger Klass.
Des Klass bauen ech ebenfalls sou op, wéi mäin Classeur mat mengen Intercallairen opgebaut ass.

D'**Kommunikatioun** mat mengen Schüler leeft intern am **Showbie**.

**Video Tutorial** (workflow)**:**
Workflow: https://youtu.be/4blbQmfkcvE
Sämtlech Ressourcen: https://tinyurl.com/u6u2qt3

*Falls dir Showbie wëllt asetzen, dann mellt iech w.e.g. per E-Mail (one2one@lcd.lu) bei eis. Mir kënnen iech d'**Pro-Versioun mat alle Funktiounen** fräischalten.*